

MAIN
*Multilingual Assessment Instrument
for Narratives*

N. Gagarina, D. Klop, S. Kunnari,
K. Tantele, T. Välimaa,
U. Bohnacker & J. Walters

Luxembourgish

Translated and adapted by
Constanze Weth & Cyril Wealer
(based on the revised version in English)

© ZAS Papers in Linguistics 64 (2020)

How to cite this version:

Weth, C., & Wealer, C. (2020) (2020). The adaptation of MAIN to Luxembourgish. *ZAS Papers in Linguistics*, 64, 153–157 (see this paper for more information about the Luxembourgish version).

Gagarina, N., Klop, D., Kunnari, S., Tantele, K., Välimaa, T., Bohnacker, U. & Walters, J. (2019). MAIN: Multilingual Assessment Instrument for Narratives – Revised. Materials for use. *ZAS Papers in Linguistics*, 63. Luxembourgish version. Translated and adapted by Weth, C. & Wealer, C.

MAIN: Luxembourgish version

MAIN: Lëtzebuergesch Editioun

Constanze Weth & Cyril Wealer

D'*Multilingual Assessment Instrument for Narratives* (MAIN) ass entwéckelt ginn, fir d'Erzielfäegkeete vu Kanner ze evaluéieren, déi fréi an hirer Kandheet oder vu Gebuert un eng oder méi Sproche geléiert hunn. MAIN eegent sech fir Kanner tëschent 3 an 10 Joer, mee rezent Etüden hu gewisen, datt MAIN och mat eeleren Kanner, Jugendlechen an Eruwessen benotzt ka ginn. Den Opbau vum MAIN erlaabt et d'Verständnes an d'Produktioun vu Geschichten vun deem selwechte Kand a verschidde Sproochen an duerch verschidden Elitizéiermethoden ze beurteilen: Modellgeschichte, Noerzielung an Erzielung.

MAIN huet véier paralleliséiert Geschichten, déi jeeweils aus enger geziilt entwéckelter Sequenz vu sechs Biller bestinn. D'Geschichte sinn op folgend Aspekter kontrolléiert ginn: kognitiv a linguistesche Komplexitéit, Parallelitéit vun der Makro- a Mikrostruktur, wéi och kulturell Adequatheet an Iwwerdrobarkeet.

D'Instrument ass op Grondlag vun ëmfangräiche Viretuden (Pilottester) mat méi wéi 500 monolingualen a bilinguale Kanner am Alter tëschent 3 an 10 Joer op 15 verschiddene Sproochen a Sproochkombinatiounen entwéckelt ginn.

Obwuel MAIN bis elo nach net genormt gouf, kann déi standardiséiert Prozedur fir d'Testung vun der Erzielfäegkeet fir d'Interventioun a fir wëssenschaftlech Zwecker genotzt ginn. Fir méi eng méi détailléiert Beschreiwung wéi ee MAIN benotzt, kuckt iech wannechgelift d'Kapitel "*Background on MAIN – Revised, how to use it and adapt it other languages*" (geschriwwen op Englesch) am *ZAS Papers in Linguistics* 63 (2019, pp. Iv-xii) un. Iwwert dëse link kann een d'Kapitel fannen:

<https://zaspil.leibniz-zas.de/issue/view/53>.

Dëst Dokument beinhalt:

- Richtlinnen, fir den Test duerchzeféieren
- Protokoller a Bewäertungsbeier fir *Cat, Dog, Baby Birds, Baby Goats*
- Froebou (anamneesesch Hannergrondfroen un d'Elteren)
- Geschichtentexter (*Story Scripts*)

Riichtlinien, fir den Test duerchzuführen

MAIN eegent sech fir bilingual a monolingual Kanner am Alter tëschent 3 an 10 Joer. D'Asatzfeld bezitt sech op d'Analys vum Verständnes an der Produktioun vu Geschichten. Beim Teste kënnen folgend Elizitatiounsmodi benotzt ginn: Modellgeschichte (*Model Story*), Noerzierung (*Retelling*), Erzielen (*Telling*). De Choix vun der Prozedur (z. B. Modellgeschichte/noerzielen dann erzielen, oder nëmmen erzielen) hängt vun den Ziler an Ufuerderungen of (déi Verantwortlech vum Testing kënnen dëst no eegener Aschätzung entscheiden).

Den Design vum MAIN erméiglecht d'Teste vu verschiddene Sprooche bei engem Kand. Dobäi ass et net entscheidend, wéi eng Sprooch als éischt getest gëtt. Bei bilinguale Kanner soll sech den Zäitraum tëschent zwee Testungen op 4 bis 7 Deeg belafen, fir sproochlech Interferenzen an Übungseffekter ze miniméieren. Am beschte Fall soll d'Kand vun ënnerschiddleche Persounen an deene jeweilege Sprooche getest ginn, fir engersäits e monolinguale Kontext ze fërderen, an anerersäits Code-Switching ze verhënneren.


Material

- 4 Billergeschichten: *Baby Birds*, *Baby Goats*, *Cat an Dog* (jeweils 3 faarweg Kopië pro Geschichte, woubäi all Kopie an eng separat Enveloppe gestach gëtt: insgesamt also 12 Enveloppen)
- 4 Geschichtentexter/Stimulustexter: *Baby Birds*, *Baby Goats*, *Cat an Dog*
- Opnamgerät (Audio oder Video)
- Protokoller mat Bewäertungsbeispiel fir d'Analys vun der Makrostruktur, den *Internal State Terms* (IST) an de Verständnesfroen
- Froebou (anamneesesch Hannergrondfroen un d'Elteren)

Instruktiounen

Wéi bereeden ech d'Material vir?

1. Lued d'Billergeschichten online ënner folgendem Link erof: <http://www.zas.gwz-berlin.de/zaspil56.html>
2. Dréckt wannechgelift all PDF Datei (dat heescht all eenzel Geschichte) 3x faarweg am A4-Format eraus.
3. Nummeréiert d'Biller op der Récksäit (1-6).
4. Schneit béid Billerreien eraus.
5. Pecht d'Biller zu enger Sträif zesummen a faalt se zweemol (Bild 1, Bild 2, falen, Bild 3, Bild 4, falen, Bild 5, Bild 6). Orientéiert lech un der Illustratioun. Passt wannechgelift op: Schneit net déi kleng Biller vun der Illustratioun fir d'Faluweisung aus.



6. Stiecht all Billersequenz (6 Biller) an eng separat Enveloppe. Fir d'Geschichte gutt ausernee halen ze kënnen, sollt all Enveloppe faarweg oder duerch eng aner Zeechnung (z. B. Punkten) markéiert sinn.

Wéi féieren ech den Examen duerch?

- Sidd lech sécher, datt Dir mat de Protokollbéi an den Uweisung vollstänneg vertraut sidd.
- Bereet d'Opnamgerät (Audio/Video) fir den Testung vir. Fänkt VIRUN der Opwiermphas mat der Opnam un.
- D'Opwiermphas soll sech um kulturellen Ëmfeld an u vergaangenen Erfahrungen orientéieren. Am Gespréich mam Kand soll eng vertraut Atmosphär opgebaut ginn. Stellt dem Kand ausserdeem verschidde Froen, fir sécherzestellen, datt et amstand ass, einfach W-Froen ze verstoen.
- VIRUM Examen solle scho déi 3 Enveloppë mat där selwechter Billergeschicht um Dësch leien. (Zil heivun ass et, dem Kand ze suggeréieren, datt de/d'Verantwortlech* e vum Examen net weess, a wéi enger Enveloppe wéi eng Geschicht ass. Dës Prozedur kontrolléiert *shared-knowledge*-Effekter während der Präsentatioun vun der Billergeschicht.)
- Féiert den Examen esou duerch, wéi d'Uweisungen an de Protokollbéi et beschreiwen. Haalt lech un déi proposéiert Hëllefstellungen (kuckt *Hëllef* ennen).
- Zousätzlech Informatiounen zu der Präsentatioun vun de Billergeschichten: Während dem Experiment sollt Dir lech vis-à-vis vum Kand sëtzen, datt d'Kand d'Biller zu sech hält, awer dir net drop gesidd. D'Kand hält d'Biller aus der Enveloppe a soll d'Geschicht ausbreeden, a sech d'Geschicht, ugefaangen beim éischte Bild, a Rou mat alle Biller der Rei no ukucken; Dir sot: "Kuck dir all d'Biller un, awer weis mir se net. Nëmme DU däerfs d'Geschicht gesinn." Sollt d'Kand Schwierigkeiten hunn, d'Biller unzehalen oder auszebreen, kënt Dir a senger Plaz d'Billergeschichten unhalen a vun lech ewech gedréint dem Kand weisen.
- Wann d'Kand bereet ass, d'Geschicht ze erzielen, hëlleft him, d'Biller erëm an 3 Deeler ze falen. Während d'Kand d'Biller hält, sollt den Oflaf vum Falen esou duerchgefouert ginn, datt Dir net op d'Biller gesitt. Fuedert d'Kand op, mam Erziele vun der Geschicht unzefänken, a just déi éischt zwee Biller ze kucken. Wann d'Kand mat deenen éischten zwee Biller fäerdeg ass, soll et déi nächst zwee Biller ausbreeden (Biller 1-4 sinn elo ausgebreet). Wann d'Kand domat fäerdeg ass, sollen déi lescht zwee Biller ausgebreet ginn, sou datt elo déi ganz Geschicht ze gesinn ass.
- Huet d'Kand seng Erzielung/Noerzielung fäerdeg, stellt Dir him Verständnesfroen, andeems Dir sot: "Elo wäert ech dir verschidde Froen zur Geschicht stellen". Bei de Verständnesfroe läit déi ganz Billergeschicht fir béid, Kand an Examensleeder/in, siichtbar virun hinnen um Dësch.
- Nom Schluss vun der Sitzung transkribéiert Dir d'Geschicht(en) a bereet unhand vum Auswärtungsbou déi produktiv a rezeptiv Fäegkeete vum Kand op.
- **Oppassen:** D'Lëscht vun den Optionen an den Auswärtungsbéi ass net vollstänneg. Punkte gi verginn, wann eng Makrostruktur-Komponent (*Goal, Attempt, Outcome, Internal State Term*) duerch eng Formulierung, déi passt, ausgedréckt gëtt. Sollte Reaktiounen schwéier ze evaluéieren sinn, sicht lech Hëllef am Handbuch.

Hëllef (Prompts)

1. Fänkt Dir net d'Geschicht fir d'Kand un. Encouragéiert d'Kand, d'Geschicht selwer ze erzielen, andeems Dir sot: "Wéilts du mir déi Geschicht erzielen?" (a weist op d'Bild).
2. Hëllef sollen eréischt no 10 Sekonne Waardezäit kommen, an och nëmme am Fall, datt d'Kand näischt méi soe géing. D'Kand soll da mat folgende Wieder motivéiert ginn: "Okay...", "Gutt...", "Elo ass et un dir...". Gidd **wannechgelift** grondsätzlech spuwersam mat Hëllef en, fir methodologesch Ënnerscheeder tëschent Examensgruppen ze evitéieren (*Experimenter effects*). Waart ongeféier 10 Sekonnen; falls d'Kand ëmmer nach näischt seet, sot Dir: "Erziel mir, wat (hei) geschitt". Sollt d'Kand matten an der Geschicht mam Erzielen ophalen, reegt et un, weiderzemaachen a méi ze erzielen: "Kanns du nach eppes zielen?", "Maach weider", "Ziel mir méi", "Mol kucken, wat an der Geschicht nach geschitt".

3. Et ass egal, wéi d’Kand sech während der Erzielung op Protagoniste bezitt. Verbessert d’Kand net. Weist ee Kand Problemer fir Wieder, fir eng Handlung, e Protagonist, asw., ze fannen, oder freet d’Kand fir Hëllef, dann encouragéiert et andeems Dir sot: “Du kanns et nenne wéi s de wëlls”, “Wéi géings du et nennen?”.
4. Stellt keng Froe wéi:
 - a) “Wat mécht hien hei?”, “Wien rennt?”
 - b) “Wat ass dat?”, “Wat/wien gesäis du um Bild?”
 (vu datt dës Froen d’Erzielung vum Kand ënnerbriechen oder beaflossen an zum Gebrauch vun onvollstänneg Sätz féieren an fir deiktesch Aussoen ze vermeiden).
5. Falls d’Kand ufänkt eng eege Geschicht ze erzielen, z. B. vun engem perséinlechen Ereliefnes wéi: “Esou e Villchen hunn ech haut de Moie gesinn” oder “Ech wäert no der Schoul mat menger Mamma an de Supermarché goen...”, da loosst dem Kand e wéineg Zäit, fir vu sengem Ereliefnes ze zielen a fuerdert et dann nees op, d’Billergeschicht weider ze erzielen (dësen Deel, deen net zu der Erzielung gehéiert, soll vun der Analys ausgeschloss ginn).
6. Jee no vergaangener Erfahrung a kulturellem Hannergrond kënn Dir d’Kand no all Billerpuer (an ier dat nächst ausgebreit gëtt) mat “gutt”, “super”, asw. luewen a encouragéieren. (Dat ass och bei der Transkriptioun fir d’Verbindung vun den Äusserungen zu bestëmmte Biller vun Notzen). Maacht dëst allerdéngs net, wann Dir d’Gefill hutt, doduerch d’Erzielung an de Gedankefloss vum Kand ze stéieren.

Wéi een Resultater tëschent de Geschichten (net) vergläicht

- Wann dir een zweesproochegt Kand test, dann vermeit *Cat* an/oder *Dog Story* fir eng Sprooch ze benotzen, an *Baby Birds* an *Baby Goats Story* fir déi aner Sprooch.
- Vermeit och *Cat* an/oder *Dog Story* vun engem Testpunkt ze benotzen an se mat der *Baby Birds* an *Baby Goats Story* vun engem aneren Testpunkt ze vergläichen.
- Firwat? Déi verschidden’MAIN Geschichten kënnen net einfach op all Manéier verglach ginn. Wéi rezent Resultater gewisen hunn, ginn et e puer Nuancen fir déi déi véier Geschichten sech ënnerscheede, besonnesch wat Verständesfroen ugeet. *Baby Birds* a *Baby Goats* sinn quasi identesch; *Cat* an *Dog* sinn och quasi identesch, awer *Cat* an *Dog* ënnerscheede sech vu *Baby Birds* a *Baby Goats* a verschiddenen Hisiichten, z.B. plotline, Unzuel un Figuren an e puer vun de Verständnesfroen.

Dofir gitt sécher datt Dir net Äppel mat Bieren vergläicht.

- Wann Dir Gruppe vu Kanner mat MAIN test, gitt sécher datt Dir passend *counterbalancing* Prozeduren benotzt fir Effekter vun der Geschicht an / oder Effekter vum Elizitaiounsmodus ze minimiséieren (telling, retelling, mode story).

Counterbalancing fir wëssenschaftlech Analysen

D’Reiefolleg vun de Geschichten soll punkto Sprooch a Geschicht *counterbalanced* sinn (*Cat/Dog* – (pimär) Noerzielen/ *Model Story* a *Baby Birds/ Baby Goats* – (primär) Erzielen). Benotzt wannechgelift folgend *counterbalancing* Prozedur (falls nëmmen eng Sprooch getest gëtt, benotzt wannechgelift d’Randomiséierungs-succesioun Nummer 1, 2, 5 a 6, oder Nummer 3, 4, 7 a 8):

Kand Nr	Sprooch	Noerzielen/ <i>Model Story</i>	Erzielen	Sprooch	Noerzielen/ <i>Model Story</i>	Erzielen
1	L1	<i>Cat</i>	<i>Baby Birds</i>	L2	<i>Dog</i>	<i>Baby Goats</i>
2	L1	<i>Cat</i>	<i>Baby Goats</i>	L2	<i>Dog</i>	<i>Baby Birds</i>
3	L2	<i>Cat</i>	<i>Baby Goats</i>	L1	<i>Dog</i>	<i>Baby Birds</i>
4	L2	<i>Cat</i>	<i>Baby Birds</i>	L1	<i>Dog</i>	<i>Baby Goats</i>
5	L1	<i>Dog</i>	<i>Baby Birds</i>	L2	<i>Cat</i>	<i>Baby Goats</i>
6	L1	<i>Dog</i>	<i>Baby Goats</i>	L2	<i>Cat</i>	<i>Baby Birds</i>
7	L2	<i>Dog</i>	<i>Baby Goats</i>	L1	<i>Cat</i>	<i>Baby Birds</i>
8	L2	<i>Dog</i>	<i>Baby Birds</i>	L1	<i>Cat</i>	<i>Baby Goats</i>

Protokoll fir Cat

Telling / Retelling / Model Story

Numm vum Kand	_____
Gebuertsdatum	_____
Testdatum	_____
Alter bei der Testung (a Méint)	_____
Geschlecht	_____
Numm vum Examineur	_____
Kontaktzäit mat L2 (a Méint)	_____
Ugefaangen am cycle 1 den (Datum)	_____
Numm vun der Schoul vum cycle 1	_____
Numm vum Kand	_____

Assuréiertlech, datt Dir all Enveloppë virun Iech um Dësch leien hutt ier d'Testung ufänkt. Preparéiert d'Opnamegerät fir d'Session opzehuelen. Fänkt virun der Opwiermphas mam Ophuelen un.

Opwiermphas

Kommt mam Kand an e kuerzt Gespréich. Schwätzt mat em driwwer, wat et haut erlieft huet, seng Kolleegen, wat et gär huet oder wéi eng Filmer oder Geschichten et kennt. Frot zum Beispill: Ween ass däi beschten Kolleeg. Wat kucks du gär op der Televisioun? Erziels du gär Geschichten? Lauschters du gär Geschichten?

Instruktioun

Instruktioun fir Telling

Sëtz Iech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: *“Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen an da kanns du mir d’Geschicht erzielen.”* Leet d’Biller esou, datt nëmme d’Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: *“Kuck dir fir d’éischt eemol déi ganz Geschicht un!”*, *“Bass de fäerdeg?”*.

Entfaalt déi éischt zwee Biller aus. Weist op dat éischt Bild a sot: *“Elo wëll ech, datt s du mir d’Geschicht erziels. Kuck op d’Biller a probéier mir déi bescht Geschicht ze erzielen.”* Wann d’Kand zéckt, et ass folgend Hëllef erlaabt: *“Erziel mir d’Geschicht.”* (weist op d’Bild). Huet d’Kand d’Erzielung vun deenen éischten zwee Biller fäerdeg, breet déi nächst 2 Biller aus (elo si 4 Biller ze gesinn). Widderhuet dësen Exercice, bis déi ganz Geschicht erzielt ginn ass. Wann d’Kand während der Erzielung zéckt oder ënnerbrécht, si folgend Hëllefstellungen méiglech: *“Geschitt nach eppes?”*, *“A wéi geet et weider?”*, *“Kanns du mir nach méi erzielen?”*, *“Kuck mol, wat do nach geschitt!”*. Wann d’Kand ophält ze erzielen, ouni ze signaliséieren, datt et fäerdeg ass, sot: *“So mir, wann d’Geschicht fäerdeg ass!”*.

Huet d’Kand seng Geschicht fäerdeg, ermontert et a fänkt u mat de Verständnesfroen.

Instruktioun fir Retelling

Sëtzt Iech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: *“Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen an ech wäert dir d’Geschicht erzielen. Duerno erziels du mir d’Geschicht.”* Leet d’Biller esou, datt nëmme d’Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: *“Kuck dir fir d’éischt eemol déi ganz Geschicht un!”, “Bass de fäerdeg?”*.

Entfaalt d’Biller 1 & 2. Weist op dat éischt Bild a sot: *“Hei fänkt d’Geschicht un. Et war e emol eng verspiltte Kaz, déi e giele Päiperlek gesinn huet op enger Heck sëtzen. Si ass an d’Luucht gesprongen, well si d’Déier fänke wollt. Iwwerdeems koum e froue Jong mat engem Ball an engem Eemer vum Fëschen zréck. Hien huet beobacht, wéi d’Kaz de Päiperlek gejet huet.”*

Entfaalt d’Biller 3 & 4 (sou datt all Biller vun 1 bis 4 ze gesi sinn). *Mee de Päiperlek ass séier fortgeflunn an d’Kaz ass an der Heck gelant. Si huet sech wéi gedoen a war immens rosen. De Jong huet sech därmoossen erféiert, datt him de Ball aus der Hand gefall ass. Ewéi de Ball an d’Waasser gerullt ass, huet hie geruff: “O nee, do schwëmmt mäi Ball!”*. Hie war traureg a wollt säi Ball zeréckhuelen. Iwwerdeems huet d’Kaz den Eemer mat de Fësch bemierkt a geduecht: *“O, dee Fësch wëll ech hunn.”*

Entfaalt d’Biller 5 & 6 aus (sou datt déi ganz Geschicht ze gesinn ass). *“An der Tëschenzäit huet de Jong ugefaangen, säi Ball mat senger Aangel aus dem Waasser ze fëschen. Hien huet net bemierkt, datt d’Kaz de Fësch aus sengem Eemer geklaut huet. Zum Schluss war d’Kaz immens zefridden an huet dee leckeren Fësch gefriess. De Jong war glécklech, datt hie säi Ball zeréck hat.*

Dat ass de Schluss vun der Geschicht.”

Entfaalt d’Biller 1 & 2 esou, datt nëmme d’Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: *“Elo hätt ech gär ech, datt s du mir d’Geschicht erziels. Kuck op d’Biller a probéier, mir déi bescht Geschicht ze erzielen.”* Wann d’Kand zéckt, ass folgend Hëllef erlaabt: *“Erziel mir d’Geschicht.”* (Weist op d’Bild.) Huet d’Kand d’Erzielung vun deenen éischt zwee Biller fäerdeg, entfaalt déi nächst 2 Biller aus (elo sinn d’Biller 1-4 ze gesinn). Widderhuel den Exercice, bis déi ganz Geschicht erzielt ginn ass. Wann d’Kand während der Erzielung zéckt oder ënnerbrécht, si folgend Hëllefstellungen méiglech: *“Geschitt nach eppes?”, “A wéi geet et weider?”, “Kanns du mir nach méi erzielen?”, “Kuck mol, wat do nach geschitt!”*. Wann d’Kand ophält ze erzielen, ouni ze signaliséieren, datt et fäerdeg ass, sot: *“So mir, wann d’Geschicht fäerdeg ass!”*.

Huet d’Kand seng Geschicht fäerdeg, ermontert et a fänkt u mat de Verständnesfroen.

Instruktioun fir Model Story

Sëtzt Iech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: *“Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen. Leet d’Biller esou, datt nëmme d’Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Als éischt erzielen ech dir d’Geschicht an da wäert ech dir e puer Froen stellen.”* Erzielt dem Kand d’Geschicht a stellt uschléissend d’Verständnesfroen.

Entfaalt d’Biller 1 & 2. Weist op dat éischt Bild a sot: *“Hei fänkt d’Geschicht un. Et war eemol eng verspiltte Kaz, déi e giele Päiperlek gesinn huet op enger Heck sëtzen. Si ass an d’Luucht gesprongen, well si d’Déier fänke wollt. Iwwerdeems koum e froue Jong mat engem Ball an engem Eemer vum Fëschen zréck. Hien huet beobacht, wéi d’Kaz de Päiperlek gejet huet.”*

Entfaalt d’Biller 3 & 4 (sou datt all Biller vun 1 bis 4 ze gesi sinn). *“Mee de Päiperlek ass séier fortgeflunn an d’Kaz ass an der Heck gelant. Si huet sech wéi gedoen a war immens rosen. De Jong huet sech därmoossen erféiert, datt him de Ball aus der Hand gefall ass. Ewéi de Ball an d’Waasser gerullt ass, huet hie geruff: “O nee, do schwëmmt mäi Ball!”*

Hie war traureg a wollt säi Ball zeréckhuelen. Iwwerdeems huet d’Kaz den Eemer mat de Fësch bemierkt a geduecht: “O, dee Fësch wëll ech hunn.”

Entfaalt d’Biller 5 & 6 aus (sou datt déi ganz Geschicht ze gesinn ass). “An der Tëschenzäit huet de Jong ugefaangen, säi Ball mat senger Aangel aus dem Waasser ze fëschen. Hien huet net bemierkt, datt d’Kaz de Fësch aus sengem Eemer geklaut huet. Zum Schluss war d’Kaz immens zefridden an huet dee leckeren Fësch gefriess. De Jong war glécklech, datt hie säi Ball zeréck hat.

Dat ass de Schluss vun der Geschicht.”

Nodeem dir dem d’Kand d’Geschicht fäerdeg erzielt hutt a sot “Dat ass de Schluss vun der Geschicht” a stellt d’Verständesfroen.

Bewäertungsbou fir Cat

Abschnitt I: Produktioun

A. Story Structure, B. Structural Complexity, C. Internal State Terms (IST)

A. Story Structure

		Richtig Äntwert ¹	Punkten
A1.	<i>Setting</i>	Zäit an/oder Plaz vum Evenement: et war eemol viru laanger Zäit... Un engem Séi/ beim Waasser/ Ufer/ op enger Wiss	0 1 2 ²
<i>Episod 1: Päiperlek (Figuren: Kaz a Päiperlek)</i>			
A2.	IST als Evenement, dat aleet	Kaz war verspillt/virwëtzig Kaz huet e Päiperlek gesinn	0 1
A3.	Goal	Kaz wollt de Päiperlek fänken/ kréien/ paken/ mat em spillen Fir ze + VERB fänken, kréien, paken, spillen	0 1
A4.	Attempt	Kaz ass an d'Luucht/no vir/no uewe gesprongen Kaz huet gejet/ ugefaang(en) ze joen Kaz huet probéiert ze + VERB (fänken, kréien, paken)	0 1
A5.	Outcome	Kaz ass an d'Heck gefall/ huet de Päiperlek net kritt/ war net séier genuch Päiperlek war méi séier/ ass fortgeflunn/ ass entkomm	0 1
A6.	IST als Reaktioun	Kaz war rosen/ enttäuscht/ huet sech wéi geden Päiperlek war glécklech/ frou	0 1
<i>Episod 2: Jong (Figur: Jong)</i>			
A7.	IST als Evenement, dat aleet	Jong war traureg/ onglécklech/ beonrouegt/ besuergt wéinst sengem Ball Jong huet de Ball am Waasser gesinn	0 1
A8.	Goal	Jong huet decidéiert/ wollt säi Ball zrëckhuelen Fir ze + VERB nees/(e)rëm//zrück (hunn/ kréien)	0 1
A9.	Attempt	Jong huet de Ball ((e)raus) geholl/ gefëscht/ probéiert de Ball aus dem Waasser ze huelen	0 1
A10.	Outcome	Jong hat de Ball (e)rëm Ball war/gouf gerett/ zrëck	0 1
A11.	IST als Reaktioun	Jong war glécklech/ zefridden/ frou/ erliichtert (säi Ball (e)rëm/ zrëck ze hunn)	0 1
<i>Episod 3: Kaz (Figur: Kaz)</i>			
A12.	IST als Evenement, dat aleet	Kaz war hongereg/ virwëtzig/ schaarf op d'Fësch (am Eemer) Kaz huet d'Fësch gesinn/ entdeckt	0 1
A13.	Goal	Kaz wollt d'Fësch/ huet decidéiert, d'Fësch ze klauen/ iessen/ huelen Fir ze + VERB (friessen/ iessen/ kréien)	0 1
A14.	Attempt	Kaz huet Fësch geklaut/ ((e)raus) geholl/ geschnaapt/ ((e)raus) gezunn/ gegruff / gekroopt Kaz (huet) probéiert ze + VERB (gräifen/ huelen/ kréien)	0 1

¹ Ass eng Reaktioun vum Kand net am Bewäertungsbou enthal, schlot am Zweiwelsfall am Handbuch no.

² 0 Punkte fir eng falsch Äntwert, 1 Punkt fir eng richtig Äntwert, 2 Punkte fir genannte Referenze zu Zäit a Plaz.

A15.	Outcome	Kaz huet de Fësch giess/ gefriess/ hat de Fësch	0	1
A16.	IST als Reaktioun	Kaz war zefridden/ glécklech/ sat/ net méi hongereg	0	1
A17.	Gesamtergebnis Story Structure /17			

B. Structural complexity

Unzuel vun AO Sequenzen	Unzuel vun eenzele G (ouni A oder O)	Unzuel vun GA/GO Sequenzen	Unzuel vu GAO Sequenzen
B1.	B2.	B3.	B4.

C. Internal State Terms (IST)

C1.	<p>Gesamtunzuel vu produzéierten IST an Tokens. IST sinn:</p> <p>Perceptual State Terms z.B. <i>gesinn, fillen, héieren, richen</i></p> <p>Physiological State Terms z.B. <i>duuschtreg, hongereg, midd, wéidoen</i></p> <p>Consciousness Terms z.B. <i>lieweg, waakreg, entschlof</i></p> <p>Emotion Terms z.B. <i>traureg, glécklech, frou, rosen, besuert, enttäuscht, ängschtlech, erféiert, fäert, couragéiert, huet Angscht, stolz, couragéiert, sécher, zefridden, iwwerrascht</i></p> <p>Mental Verbs z.B. <i>wëllen, denken, wëssen, vergiessen, beschléissen, decidéieren, gleewen, sech froen, sech wonneren, eppes wëlles hunn</i></p> <p>Linguistic Verbs/ Verbs of Saying and Telling z.B. <i>soen, ruffen, jäizen, warnen, froen, veriergert</i></p>
-----	---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------

Abschnitt II: Verständnes

		Richtig Äntwert	Falsch Äntwert	Punkten
D0.	Huet dir d'Geschicht gefall?	Fro fir opzewiermen ouni Bewäertung		
D1.	Firwat spréngt d'Kaz an d'Luucht? (<i>weist op d'Bild 1-2</i>) (Episod 1: Goal)	Wëll/géif gär de Päiperlek fänken, joen, mat em spillen Wëll de Päiperlek Fir ze + VERB (fänken, kréien)	Geet lass/ rennt ronderëm/ wëll ronderëm sprangen / Kaze rennen/ sprangen ëmmer ronderëm	0 1
D2.	Wéi fillt sech d'Kaz? (<i>weist op d'Bild 3</i>) (IST als Reaktioun)	Rosen/ schlecht/ enttäuscht/ net wuel/ huet Wéi / huet Péng/ huet sech wéigedoen	Gutt/ glécklech	0 1
D3.	<i>Frot D3 nëmmen, wann D2 richtig ass, awer d'Kand keng Erklärung ginn huet. Beäntwert d'Kand D2 richtig, inklusiv enger Erklärung, gitt Dir fir D3 ee Punkt a fuert weider mat D4!</i> Firwat denks du, datt d'Kaz sech rosen/ enttäuscht fillt? ³	Konnt de Päiperlek net fänken/ ass an d'Heck gefall Et deet wéi, an eng däreg/pickeg Heck ze falen Päiperlek ass entkomm/entwëscht/ fortgeflunn	Irrelevant Erklärungen	0 1
D4.	Firwat hält de Jong seng Aangel an d'Waasser? (<i>weist op d'Bild 5</i>) (Episod 2: Goal)	Wëll/géif gär säi Ball huelen/ kréien/ (e)rëm hunn Wëll säi Ball (e)rëm Fir ze + VERB (zréckzekeréien, huelen)	Wëll/géif gär mam Waasser spillen	0 1
D5.	Wéi fillt sech de Jong? (<i>weist op d'Bild 6</i>) (IST als Reaktioun)	Gutt/ exzellent/ glécklech/ erfreet/ zefridden	Schlecht/ rosen/ traureg/ veriergert	0 1
D6.	<i>Frot D6 nëmmen, wann D5 richtig ass, awer d'Kand keng Erklärung ginn huet. Beäntwert d'Kand D5 richtig, inklusiv enger Erklärung, gitt Dir fir D6 ee Punkt a fuert weider mat D7!</i> Firwat denks du, datt de Jong sech gutt/ zefridde asw. fillt? ⁴	Hält de Ball a sengen Hänn/ huet en (e)rëm Konnt de Ball + VERB (huelen, kréien, (e)rausféschen)	Hie laacht/ grinst/ gesäit glécklech aus/ steet do oder aner irrelevant Erklärung	0 1
D7.	Firwat gräift d'Kaz nom Fësch? (<i>weist op d'Bild 5</i>) (Episod 3: Goal)	Wëll/ géif gär de Fësch iessen/ klauen (fir sech selwer)	Wëll mam Eemer/ Fësch spillen	0 1

³ Benotzt an der Fro den IST, deen d'Kand an der Äntwert D2 ginn huet.

⁴ Benotzt an der Fro den IST, deen d'Kand an der Äntwert D5 ginn huet.

		hunn/ decidéiert, de Fësch ze klauen Notzt d'Geleeënheet, wann de Jong net kuckt Huet de Päiperlek net kritt Kazen hu Fësch gär (generesch Bedeitung) Fësch ass lecker/ schmaacht		
D8.	Stell dir vir, de Jong gesäit d'Kaz. Wéi fillt de Jong sech? (<i>weist op d'Bild 6</i>) (IST als Reaktioun)	Schlecht/ rosen/ traureg/ net gutt/veriergert	Gutt/ glécklech/ frou/ exzellent/ zefridden/ erfreet	0 1
D9.	<i>Frot D9 nëmmen, wann D8 richtig ass, awer d'Kand keng Erklärung ginn huet. Beäntwert d'Kand D8 richtig, inklusiv enger Erklärung, gitt Dir fir D9 ee Punkt a fuert weider mat D10!</i> Firwat denks du, datt de Jong sech schlecht/ rose fillt? ⁵	Kaz ässt/ frësst/ hëlt/ klaut (säi) Fësch Jong wëll de Fësch selwer (hunn) Et war säi Fësch	Hien ass midd Seng Aangel läit um Buedem oder aner irrelevant Erklärung	0 1
D10.	Wäerten de Jong an d'Kaz Kolleegen ginn? Firwat?	Nee, well... Mindestens (Op d'mannst) eng Begrënnung: z.B. Kaz huet d'Fësch giess/ geklaut oder aner Äntwert, déi passt	Jo/ Ech weess et net/ irrelevant Erklärungen	0 1
D11.	Gesamtresultat Verständnesfroen /10			

⁵ Benotzt an der Fro den IST, deen d'Kand an der Äntwert D8 ginn huet.

Protokoll fir *Dog*

Telling / Retelling / Model Story

Numm vum Kand	_____
Gebuertsdatum	_____
Testdatum	_____
Alter bei der Testung (a Méint)	_____
Geschlecht	_____
Numm vum Examineur	_____
Kontaktzäit mat L2 (a Méint)	_____
Ugefaangen am cycle 1 den (Datum)	_____
Numm vun der Schoul vum cycle 1	_____
Numm vum Kand	_____

Assuréiert lech, datt Dir all Enveloppë virun lech um Dësch leien hutt ier d'Testung ufänkt. Preparéiert d'Opnamegerät fir d'Session opzehuelen. Fänkt virun der Opwiermphas mat Ophuelen un.

Opwiermphas

Kommt mam Kand an e kuerzt Gespréich. Schwätzt mat em driwwer, wat et haut erlieft huet, seng Kolleegen, wat et gär huet oder wéi eng Filmer oder Geschichten et kennt. Frot zum Beispill: Ween ass däi beschten Kolleeg. Wat kucks du gär op der Televisioun? Erziels du gär Geschichten? Lauschters du gär Geschichten?

Instruktioun

Instruktioun fir Telling

Sëtz lech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: "*Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen an da kanns du mir d'Geschicht erzielen.*" Leet d'Billen esou, datt nëmme d'Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: "*Kuck dir fir d'éischt eemol déi ganz Geschicht un!*", "*Bass de fäerdeg?*".

Entfaalt déi éischt zwee Billen aus. Weist op dat éischt Bild a sot: "*Elo wëll ech, datt s du mir d'Geschicht erziels. Kuck op d'Billen a probéier mir déi bescht Geschicht ze erzielen.*" Wann d'Kand zéckt, et ass folgend Hëllef erlaabt: "*Erziel mir d'Geschicht.*" (weist op d'Bild). Huet d'Kand d'Erzielung vun deenen éischten zwee Billen fäerdeg, breet déi nächst 2 Billen aus (elo si 4 Billen ze gesinn). Widderhuet dësen Exercice, bis déi ganz Geschicht erzielt ginn ass. Wann d'Kand während der Erzielung zéckt oder ënnerbrécht, si folgend Hëllefstellungen méiglech: "*Geschitt nach eppes?*", "*A wéi geet et weider?*", "*Kanns du mir nach méi erzielen?*", "*Kuck mol, wat do nach geschitt!*". Wann d'Kand ophält ze erzielen, ouni ze signaliséieren, datt et fäerdeg ass, sot: "*So mir, wann d'Geschicht fäerdeg ass!*".

Huet d'Kand seng Geschicht fäerdeg, ermontert et a fänkt u mat de Verständnesfroen.

Instruktioun fir *Retelling*

Sëtzt Iech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: "Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen an ech wäert dir d'Geschicht erzielen. Duerno erziels du mir d'Geschicht." Leet d'Biller esou, datt nëmme d'Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: "Kuck dir fir d'éischt eemol déi ganz Geschicht un!", "Bass de fäerdeg?".

Entfaalt d'Biller 1 & 2. Weist op dat éischt Bild a sot: "Hei fänkt d'Geschicht un. Et war eemol e verspillten Hond, deen eng kleng Maus virun engem Bam sëtze gesinn huet. Hien ass hir hannendrun gesprongen, well hien d'Déier fänke wollt. Iwwerdeems koum e froue Jong mat enger Tut an engem Loftballon vum Akafen zeréck. Hien huet beobacht, wéi den Hond d'Maus gejot huet."

Entfaalt d'Biller 3 & 4 (sou datt all Biller vun 1 bis 4 ze gesi sinn). "Mee déi kleng Maus ass séier fortgelaf an den Hond ass widder de Bam geknuppt. Hien huet sech wéi geden a war immens rosen. De Jong huet sech därmoossen erféiert, datt de Loftballon him aus der Hand entwëscht ass. Ewéi de Ballon an de Bam geflunn ass, huet hie geruff: "O nee, do flitt mäi Ballon!" Hie war traureg a wollt säi Ballon zeréckhuelen. Iwwerdeems huet den Hond d'Akafstut mat de Wirschtecher bemierkt a geduecht: "M, déi Wirschtercher wëll ech hunn."

Entfaalt d'Biller 5 & 6 aus (sou datt déi ganz Geschicht ze gesinn ass). "An der Tëschenzäit huet de Jong ugefaangen, säi Ballon vum Bam erof ze huelen. Hien huet net bemierkt, datt den Hond sech eng Wirschtchen aus der Tut geklaut huet. Zum Schluss war den Hond immens zefridden an huet déi lecker Wirschtche gefriess. De Jong war glécklech, datt hie säi Ballon zeréck hat.

Dat ass de Schluss vun der Geschicht."

Entfaalt d'Biller 1 & 2 esou, datt nëmme d'Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: "Elo hätt ech gär ech, datt s du mir d'Geschicht erziels. Kuck op d'Biller a probéier, mir déi bescht Geschicht ze erzielen." Wann d'Kand zéckt, ass folgend Hëllef erlaabt: "Erziel mir d'Geschicht." (Weist op d'Bild.) Huet d'Kand d'Erzielung vun deenen éischt zwee Biller fäerdeg, entfaalt déi nächst 2 Biller aus (elo sinn d'Biller 1-4 ze gesinn). Widderhuel dësen Exercice, bis déi ganz Geschicht erzielt ginn ass. Wann d'Kand während der Erzielung zéckt oder ënnerbrécht, si folgend Hëllefstellungen méiglech: "Geschitt nach eppes?", "A wéi geet et weider?", "Kanns du mir nach méi erzielen?", "Kuck mol, wat do nach geschitt!". Wann d'Kand ophält ze erzielen, ouni ze signaliséieren, datt et fäerdeg ass, sot: "So mir, wann d'Geschicht fäerdeg ass!".

Huet d'Kand seng Geschicht fäerdeg, ermontert et a fänkt u mat de Verständnesfroen.

Instruktioun fir *Model Story*

Sëtzt Iech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: "Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen. Leet d'Biller esou, datt nëmme d'Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Als éischt erzielen ech dir d'Geschicht an da wäert ech dir e puer Froen stellen." Erzielt dem Kand d'Geschicht a stellt uschléissend d'Verständnesfroen.

Entfaalt d'Biller 1 & 2. Weist op dat éischt Bild a sot: "Hei fänkt d'Geschicht un. Et war eemol e verspillten Hond, deen eng kleng Maus virun engem Bam sëtze gesinn huet. Hien ass hir hannendrun gesprongen, well hien d'Déier fänke wollt. Iwwerdeems koum e froue Jong mat enger Tut an engem Loftballon vum Akafen zeréck. Hien huet beobacht, wéi den Hond d'Maus gejot huet.

Entfaalt d'Biller 3 & 4 (sou datt all Biller vun 1 bis 4 ze gesi sinn). "Mee déi kleng Maus ass séier fortgelaf an den Hond ass widder de Bam geknuppt. Hien huet sech wéi geden

a war immens rosen. De Jong huet sech därmoossen erféiert, datt de Loftballon him aus der Hand entwëscht ass. Ewéi de Ballon an de Bam geflunn ass, huet hie geruff: "O nee, do flitt mäi Ballon!" Hie war traureg a wollt säi Ballon zeréckhuelen. Iwwerdeems huet den Hond d'Akafstut mat de Wirschtecher bemierkt a geduecht: "M, déi Wirschtercher wëll ech hunn."

Entfaalt d'Biller 5 & 6 aus (sou datt déi ganz Geschicht ze gesinn ass). "An der Tëschenzäit huet de Jong ugefaangen, säi Ballon vum Bam erof ze huelen. Hien huet net bemierkt, datt den Hond sech eng Wirschtchen aus der Tut geklaut huet. Zum Schluss war den Hond immens zefridden an huet déi lecker Wirschtche gefriess. De Jong war glécklech, datt hie säi Ballon zeréck hat.

Dat ass de Schluss vun der Geschicht."

Nodeem dir dem d'Kand d'Geschicht fäerdeg erzielt hutt a sot "Dat ass de Schluss vun der Geschicht" a stellt d'Verständesfroen.

Bewäertungsbou - Dog

Abschnitt I: Produktioun

A. Story Structure, B. Structural Complexity, C. Internal State Terms (IST)

A. Story Structure

		Richtig Äntwert ⁶	Punkten
A1.	Setting	Zäit an/oder Plaz vum Evenement: et war eemol viru laanger Zäit... an engem Park/ am Bësch/ op enger Wiss/ am Feld/ virun/bei/ënner engem Bam/ beim Wee	0 1 2 ⁷
<i>Episod 1: Hond (Figuren: Hond a Maus)</i>			
A2.	IST als Evenement, dat aleet	Hond war verspillt/virwëtzig Hond huet eng Maus gesinn	0 1
A3.	Goal	Hond wollt d'Maus fänken/ kréien/ paken/ mat hir spillen Fir ze + VERB (fänken, kréien, paken, spillen)	0 1
A4.	Attempt	Hond ass no vir gesprongen Hond huet gejet/ ugefaang(en) ze joen Hond huet probéiert ze + VERB (fänken, kréien, paken)	0 1
A5.	Outcome	Hond ass an de Bam geknupppt/ huet sech de Kapp gestouss/ war net séier genuch Maus war méi séier/ ass fortgelaaf/ ass entkomm/ass hannert de Baam gelaaf/ gerannt	0 1
A6.	IST als Reaktioun	Hond war rosen/ veriergert/ hat de Kapp wéi Maus war glécklech/ frou/ erliichtert	0 1
<i>Episod 2: Jong (Figur: Jong)</i>			
A7.	IST als Evenement, dat aleet	Jong war traureg/ onglécklech/ beonrouegt/ besuergt wéinst sengem Ballon Jong huet de Ballon am Bam gesinn	0 1
A8.	Goal	Jong huet decidéiert/ wollt säi Ballon zréckhuelen Fir ze + VERB (e)rëm/zréck (hunn/ kréien)	0 1
A9.	Attempt	Jong hëllt de Ballon/ huet de Ballon geholl/ gegraff/ probéiert/ versicht de Ballon ze kréien/ un de Ballon ze kommen Jong ass an d'Luucht gesprongen / geklotert/ huet un der Schnouer gezunn	0 1
A10.	Outcome	Jong hat säi Ballon (e)rëm Ballon war/gouf (zréckgeholl) ,gerett`	0 1
A11.	IST als Reaktioun	Jong war glécklech/ zefridden/ frou/ erliichtert (säi Ballon (e)rëm/ zréck ze hunn/(e)rëm ze kréien)	0 1
<i>Episod 3: Hond (Figur: Hond)</i>			

⁶ Ass eng Reaktioun vum Kand net am Bewäertungsbou enthal, schlot am Zweiwelsfall am Handbuch no.

⁷ 0 Punkte fir eng falsch Äntwert, 1 Punkt fir eng richtig Äntwert, 2 Punkte fir genannte Referenze zu Zäit a Plaz.

A12.	IST als Evenement, dat aleet	Hond war hongereg/ virwëtzig/ schaarf (op d'Wirschtercher) Hond huet d'Wirschtercher gesinn/ entdeckt		
A13.	Goal	Hond wollt d'Wirschtercher/ huet décidéiert, d'Wirschtercher ze klauen/ iessen/ huelen Fir ze + VERB (friessen/ iessen/ kréien)	0	1
A14.	Attempt	Hond klaut/ hëllt/ huet d'Wirschtercher geklaut/ geholl/ geschnaapt/ (e)raus/ aus der Posch gezunn/ gegruff/ gekroopt Hond (huet) probéiert ze + VERB (gräifen/ ((e)rausze)huelen/ kréien)	0	1
A15.	Outcome	Hond huet eng Wirschtche giess/ gefriess/ hat d'Wirschtchen	0	1
A16.	IST als Reaktioun	Hond war zefridden/ glécklech/ sat/ net méi hongereg	0	1
A17.	Gesamtergebnis Story Structure /17			

B. Structural complexity

Unzuel vun AO Sequenzen	Unzuel vun eenzele G (ouni A oder O)	Unzuel vun GA/GO Sequenzen	Unzuel vu GAO Sequenzen
B1.	B2.	B3.	B4.

C. Internal State Terms (IST)

C1.	<p>Gesamtunzuel vu produzéierten IST an Tokens. IST sinn:</p> <p>Perceptual State Terms z.B. <i>gesinn, fillen, héieren, richen</i></p> <p>Physiological State Terms z.B. <i>duuschtreg, hongereg, midd, wéidoen</i></p> <p>Consciousness Terms z.B. <i>lieweg, waakreg, entschlof</i></p> <p>Emotion Terms z.B. <i>traureg, glécklech, frou, rosen, besuergt, enttäuscht, ängschtlech, erféiert, fäert, couragéiert, huet Angscht, stolz, couragéiert, sécher, zefridden, iwwerrascht</i></p> <p>Mental Verbs z.B. <i>wëllen, denken, wëssen, vergiessen, beschléissen, decidéieren, gleewen, sech froen, sech wonneren, eppes wëlles hunn</i></p> <p>Linguistic Verbs/ Verbs of Saying and Telling z.B. <i>soen, ruffen, jäizen, warnen, froen, veriergert</i></p>
-----	----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------

Abschnitt II: Verständnes

		Richtig Äntwert	Falsch Äntwert	Punkten
D0.	Huet dir d'Geschicht gefall?	Fro fir opzewiermen ouni Bewäertung		
D1.	Firwat spréngt den Hond no vir? (<i>weist op d'Bild 1-2</i>) (Episod 1: Goal)	Wëll/ géif gär d'Maus fänken/ joen/ mat hir spillen Wëll d'Maus Fir ze + VERB (fänken, kréien)	Geet lass/ rennt ronderëm/ wëll ronderëm sprangen Hënn rennen/ sprangen ëmmer ronderëm	0 1
D2.	Wéi fillt sech den Hond? (<i>weist op d'Bild 3</i>) (IST als Reaktioun)	Rosen/ schlecht/ enttäuscht/ net wuel/ huet Wéi/ huet Péng/ huet sech wéigedoen	Gutt/ glécklech	0 1
D3.	<i>Frot D3 nëmmen, wann D2 richtig ass, awer d'Kand keng Erklärung ginn huet. Beäntwert d'Kand D2 richtig, inklusiv enger Erklärung, gitt Dir fir D3 ee Punkt a fuert weider mat D4!</i> Firwat denks du, datt den Hond sech schlecht/ rosen/ enttäuscht fillt? ⁸	Konnt d'Maus net fänken/ ass mam Kapp an de Bam geknuppt Et deet wéi, wann een an de Bam knuppt/ rennt/ stéisst Maus ass entkomm/ entwëscht/ fort	irrelevant Erklärungen	0 1
D4.	Firwat spréngt de Jong an d'Luucht? (<i>weist op d'Bild 5</i>) (Episod 2: Goal)	Wëll/ géif gär säi Ballon huelen/ kréien/ (e)rëm hunn Wëll säi Ballon ((e)rëm) Fir ze + VERB (zréckzekréien, huelen)	Wëll op de Bam klammen	0 1
D5.	Wéi fillt sech de Jong? (<i>weist op d'Bild 6</i>) (IST als Reaktioun)	Gutt/ exzellent/ glécklech/ erfreet/ zefridden	Schlecht/ rosen/ veriergert/ traureg	0 1
D6.	<i>Frot D6 nëmmen, wann D5 richtig ass, awer d'Kand keng Erklärung ginn huet. Beäntwert d'Kand D5 richtig, inklusiv enger Erklärung, gitt Dir fir D6 ee Punkt a fuert weider mat D7!</i> Firwat denks du, datt de Jong sech gutt/	Hält de Ballon a sengen Hänn/ huet en (e)rëm Konnt de Ball + VERB (huelen, kréien, (e)rausfëschen)	Hie laacht/ grinst/ gesäit glécklech aus/ steet do oder aner irrelevant Erklärung	

⁸ Benutzt an der Fro den IST, deen d'Kand an der Äntwert D2 ginn huet.

	glécklech/ zefridde asw. fillt? ⁹			
D7.	Firwat gräift den Hond sech eng Wirschtchen? (<i>weist op d'Bild 5</i>) (Episod 3: Goal)	Wëll/ géif gär d'Wirschtchen iessen/ klauen (fir sech selwer) hunn/ decidéiert, d'Wirschtchen ze klauen / ze kroopen Notzt d'Geleeënheet, wann de Jong net kuckt Huet d'Maus net kritt Hënn hunn Wirschtercher/ Fleesch gär (generesch Bedeutung) Wirschtercher si lecker/ schmaachen	Wëll mat der Posch spillen	0 1
D8.	Stell dir vir, de Jong gesäit den Hond. Wéi fillt de Jong sech? (<i>weist op d'Bild 6</i>) (IST als Reaktioun)	Schlecht/ rosen/ traureg/ net gutt	Gutt/ glécklech/ frou/ exzellent/ zefridden/ erfreet	0 1
D9.	<i>Frot D9 nëmmen, wann D8 richtig ass, awer d'Kand keng Erklärung ginn huet. Beäntwert d'Kand D8 richtig, inklusive enger Erklärung, gitt Dir fir D9 ee Punkt a fuert weider mat D10!</i> Firwat denks du, datt de Jong sech schlecht/ rose fillt? ¹⁰	Hond ässt/ frësst/ hëlt/ klaut d'Wirschtercher Jong wëll/ géif gär d'Wirschtercher selwer (hunn) Et ware seng Wirschtercher	Hien ass midd/ d'Geschäft war sou wäit fort oder aner irrelevant Erklärung	0 1
D10.	Wäerten de Jong an den Hond Kollegeen ginn? Firwat?	Nee, well... Op d'mannst eng Begrënnung: z.B. den Hond huet d'Wirschtche giess/ geklaut oder aner passend Äntwert	Jo/ ech weess et net/ irrelevant Erklärungen	0 1
D11.	Gesamtresultat Verständnesfroen /10			

⁹ Benutzt an der Fro den IST, deen d'Kand an der Äntwert D5 ginn huet.

¹⁰ Benutzt an der Fro den IST, deen d'Kand an der Äntwert D8 ginn huet.

Protokoll fir *Baby Birds*
Telling / Retelling / Model story

Numm vum Kand	_____
Gebuertsdatum	_____
Testdatum	_____
Alter bei der Testung (a Méint)	_____
Geschlecht	_____
Numm vum Examineur	_____
Kontaktzäit mat L2 (a Méint)	_____
Ugefaangen am cycle 1 den (Datum)	_____
Numm vun der Schoul vum cycle 1	_____
Numm vum Kand	_____

Assuréiertlech, datt Dir all Enveloppë virun Iech um Dësch leien hutt ier d'Testung ufänkt. Preparéiert d'Opnamegerät fir d'Session opzehuelen. Fänkt virun der Opwiermphas mat Ophuelen un.

Opwiermphas

Kommt mam Kand an e kuerzt Gespréich. Schwätzt mat em driwwer, wat et haut erlieft huet, seng Kolleegen, wat et gär huet oder wéi eng Filmer oder Geschichten et kennt. Frot zum Beispill: Ween ass däi beschten Kolleeg. Wat kucks du gär op der Televisioun? Erziels du gär Geschichten? Lauschters du gär Geschichten?

Instruktioun

Instruktioun fir Telling

Sëtz Iech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: *“Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen an da kanns du mir d’Geschicht erzielen.”* Leet d’Biller esou, datt nëmmen d’Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: *“Kuck dir fir d’éischt eemol déi ganz Geschicht un!”*, *“Bass de fäerdeg?”*.

Entfaalt déi éischt zwee Biller aus. Weist op dat éischt Bild a sot: *“Elo wëll ech, datt s du mir d’Geschicht erziels. Kuck op d’Biller a probéier mir déi bescht Geschicht ze erzielen.”* Wann d’Kand zéckt, et ass folgend Hëllef erlaabt: *“Erziel mir d’Geschicht.”* (weist op d’Bild). Huet d’Kand d’Erzielung vun deenen éischten zwee Biller fäerdeg, breet déi nächst 2 Biller aus (elo si 4 Biller ze gesinn). Widderhuet dësen Exercice, bis déi ganz Geschicht erzielt ginn ass. Wann d’Kand während der Erzielung zéckt oder ënnerbrécht, si folgend Hëllefstellungen méiglech: *“Geschitt nach eppes?”*, *“A wéi geet et weider?”*, *“Kanns du mir nach méi erzielen?”*, *“Kuck mol, wat do nach geschitt!”*. Wann d’Kand ophält ze erzielen, ouni ze signaliséieren, datt et fäerdeg ass, sot: *“So mir, wann d’Geschicht fäerdeg ass!”*.

Huet d’Kand seng Geschicht fäerdeg, ermontert et a fänkt u mat de Verständnesfroen.

Instruktioun fir *Retelling*

Sëtzt lech vis-à-vis vum Kand. Sot zum Kand: *“Kuck, hei sinn 3 Enveloppen. An all Enveloppe ass eng Geschicht. Du kanns dir elo eng Enveloppe eraussichen an ech wäert dir d’Geschicht erzielen. Duerno erziels du mir d’Geschicht.”* Leet d’Biller esou, datt nëmmen d’Kand déi ganz Geschicht ka gesinn. Sot zum Kand: *“Kuck dir fir d’éischt eemol déi ganz Geschicht un!”*, *“Bass de fäerdeg?”*.

Entfaalt d’Biller 1 & 2. Weist op dat éischt Bild a sot: *“Hei fänkt d’Geschicht un. Et wor eemol eng Villerchersmamm, déi gesinn huet, datt hir kleng Villerchersbëbeeën immens hongereg waren. Si ass fortgeflunn, fir Fudder fir déi Kleng ze fannen. Eng hongereg Kaz huet gesinn, datt d’Mamm fortgeflunn ass an huet gemiaut: “M, lecker, wat gesinn ech dann do am Nascht sëtzen?”*.

